Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Nationalfeierdag 2026**

**Ried vum Chamberpresident Claude Wiseler**

Monseigneur, Madamm, Här Premierminister, léif Éieregäscht, léif Matbiergerinnen a Matbierger,

ech si säit Jore vill a Schoulen an op Unien ënnerwee, fir mat Jonken iwwer hir Suergen ze schwätzen, iwwer Demokratie, iwwer Politik. Ech maachen dat gär, well et een ëmmer mat zwee Féiss op de Buedem zeréckbréngt a well et mer weist, wou de Schong dréckt.

Ech stelle fest, datt déi Froen, déi ech a leschter Zäit gestallt kréien, ganz anerer si wéi an de Joerzéngte virdrun.

Et geet oft ëm Aussepolitik, wat soss ni de Fall war. Et geet ëm Krich oder Fridden. Et geet ëm Demokratie an ëm Sécherheet. Et geet ëm Wouerecht oder Manipulatioun. Et geet ëm d'Aarbechtswelt vu muer an ëm d'Fro, wou deene Jonken hir Plaz an eiser Gesellschaft soll sinn.

Et spiert een net méi deen onerschütterleche jugendlechen Optimismus. Et si Froen iwwer hir Zukunft, op déi si d'Äntwerten haut net fannen.

Ech hunn eng Rei Frënn, déi sech hiert Liewe laang fir Politik interesséiert hunn, an der Zivilgesellschaft engagéiert waren an déi mir haut soen, si wéilte keng Noriichte méi kucken an hätte keng Loscht méi, Zeitung ze liesen, well et ze belaaschtend wier, well et se ze nervös géing maachen.

Dat erféiert mech. Mee ech verstinn et. An et mécht mir Suergen, datt deen Engagement verluer geet, deen a mengen Ae ganz wäertvoll fir eis Gesellschaft ass.

Fir weiderzekommen, däerfe mir eis net an d'Täsch léien, eis selwer Märercher erzielen.

Mir mussen eis Schwächten erkennen. A virun allem musse mir eis Stäerkten – an där hu mir – identifizéieren an ausbauen.

Mir hunn eis an de leschte Jore vill – vill ze vill – op anerer verlooss. Dat war méi einfach a méi bëlleg.

Et ass awer eng Schwächt, well mer haut mierken, datt mer deelweis ofhängeg sinn an datt mer eventuell am Noutfall mussen eleng eens ginn. Dofir musse mir eis anescht opstellen.

Kréie mir dat hin?

Ech weess et net, mee ech gleewen drun an ech maachen alles dofir.

Et geet awer nëmmen, wa mir eis op eis Stäerkte besënnen. Wat sinn oder – loosse mer et emol esou soen – wat waren eis Stäerkten?

Mir sinn e fräit Land. „Du hues ons all als Kanner schonn de fräie Geescht jo ginn", seet eis Nationalhymn.

Jo, mir hunn dee fräie Geescht. Oft vergiesse mer, wéi rar dat ass an datt et ëmmer méi rar gëtt.

Genau do awer läit eng vun eise Stäerkten. Mir sinn e Land, dat et wärend méi wéi 100 Joer färdegbruecht huet, oppen ze sinn. Leit opzehuelen, well et Aarbechtskräften an Talenter gebraucht huet. Opzehuelen an zu engem Deel vun eiser Gesellschaft ze maachen. Aus der Diversitéit eraus méi staark ze ginn.

Mir sinn eng Gesellschaft, déi vu Wäerter gepräägt ass.

Déi op Wäerter berout: Wäerter wéi de Respekt vun de Mënscherechter, wéi Demokratie, wéi Gläichheet tëschent Fraen a Männer, wéi de Respekt vum Individuum, wéi d'Primautéit vum Bien commun, wéi Toleranz, Solidaritéit a Gerechtegkeet; Wäerter wéi d'Fräiheet, fir seng Meenung ze soen, sech ze beweegen, fir ze gleewen oder och net; Wäerter, déi d'Fundament vun eiser Identitéit ausmaachen.

Ma och wann – oder grad well – eis Gesellschaft esou divers ass, ass de gemeinsame Sockel vu Wäerter fundamental fir d'Identitéit vun eiser Gesellschaft a gehéiert kompromësslos zu deem, wat eis ausmécht.

Mir zerstreiden eis zwar oft, mee wa mer vu baussen ugegraff ginn, wa mer kontestéiert ginn oder ee schlecht iwwer eist Land schwätzt, hale mer zesummen. Automatesch, aus Reflex. An der Politik an an der Gesellschaft. Esou war dat emol ëmmer an ech hoffen, datt dat esou bleift.

Dësen Zesummenhalt war ëmmer eng Stäerkt. An e kann et och an Zukunft sinn, wa mir dat da wëllen.

Mir sinn e Land, dat op Konsens aus ass.

Mir wëssen, datt mir een deen anere brauchen, de Salarié, den Entrepreneur, den Independant, de Beamten. Et geet net een ouni deen aneren. Mir wëssen

esouguer – wa mer éierlech mat eis selwer sinn –, datt och esouguer Politiker gebraucht ginn.

Dës Aart a Weis ze schaffen huet de sozialen Zesummenhalt an eiser Gesellschaft gepräägt – eng Stäerkt fir eist Land, déi mir musse bäibehalen, och wann et komplizéiert ass.

Mir sinn e klengt Land tëschent groussen a staarken Noperen. Mat villen Erfarungen aus eiser laanger Geschicht.

Grad dofir hu mir e Gespier, wéi fragil Onofhängegkeet an Demokratie kënne sinn.

Grad dofir si mir duerch eist Engagement an duerch eis Bereetschaft, Verantwortung um internationale Plang ze iwwerhuelen, zu engem grousse Land erugewuess. Mir sinn e Grënnungsmember vun der EU, dem Conseil de l'Europe, der UNO, der NATO, der OSZE, der OMS, der OMC a villen aneren internationalen Organisatiounen.

Eist Engagement fir dat Multinationaalt gëtt eis Credibilitéit a méi Influenz, wéi eis reng demographesch Zuelen eis et normalerweis géifen erlaben.

Generatioune virun eis hunn eis et gewisen. Mir kënnen eis ëmmer erëm nei erfannen, eis zesummerappen, eis repositionéieren, innovéieren.

Wéi mir et oft soen, kënne mer nëmmen doduerch dat bleiwen, wat mer sinn.

Viru Jore war d'Stolindustrie eis Stäerkt.

Duerno de Finanzsecteur. Duerno waren et d'Déngschtleeschtungen. Duerno d'Kommunikatioun an d'Medien, duerno de Weltraum an d'Satellitten.

Eist Land huet sech diversifiéiert, well mir Choixe gemaach hunn. Well mir de Courage haten, Decisiounen ze huelen. Well mir bereet waren, Risiken anzegoen. Dat war eis Stäerkt.

Si mir haut nach bereet, esou Risiken anzegoen? Hu mir de Courage nach? Brénge mir de Leadership op, fir eis alt erëm nei ze erfannen, nei Weeër ze goen?

Well dat heescht och, Gewunnechten ze änneren, heiansdo ze verzichten op dat, wat mer hunn, sech un Neies ze gewinnen an duerchzehalen, och wann et méi schwéier ass.

Duerfir dës Wierder un Iech heibannen an un déi, déi eis nolauschteren an déi wëllen, datt eist Land weiderkënnt. Et geet haut net duer, just nozekucken.

Lëtzebuerg, eist Land, brauch jiddereen, fir eng Hand mat unzepaken.

Eist Land brauch haut Leadership, Engagement, gudde Wëllen. Et brauch Selbstvertrauen. An et brauch Bereetschaft, sech anzesetze fir dat, wat wierklech wichteg ass. Bereetschaft, e Stéck vun eiser Confortzon ze verloossen, well eis Wäerter et wäert sinn.

Eis Demokratie ass net nëmmen e politesche System. Si ass vill méi. Si ass och eng Haltung, eng Astellung, e Behuelen.

Si lieft vum géigesäitege Respekt, vum Nolauschteren a vun der Bereetschaft, och bei ënnerschiddleche Meenungen no gemeinsame Léisungen ze sichen, ouni d'Dignitéit vun deenen aneren ze verletzen.

Si lieft vun enger Gesellschaft, an där een iwwer sech erauswuesse kann.

Dat ass net nëmmen eis Stäerkt, mee och eis Identitéit, déi mir eis vu kengem a vun näischt däerfen ewechhuele loossen.

Lëtzebuerg huet a senger Geschicht ëmmer an ëmmer erëm bewisen, datt et Erausfuerderungen a Chancen ëmwandele kann.

Mir schreiwen haut d'Geschicht vu muer. Si gëtt net vum selwe geschriwwen. Kommt, mir kucken, datt se net vun

anere fir eis geschriwwe gëtt, mee datt mir dat fir eis selwer maachen.

Mir bréngen dat fäerdeg. Awer nëmmen, wa mir et wierklech wëllen.

Mat engem Staatschef, deen den Zesummenhalt vun eiser Gesellschaft esou gutt verkierpert.

Viv de Grand-Duc, viv d'Grande-Duchesse,

viv eis Demokratie, viv eist Land!

Vive notre pays! Long live our country! Es lebe unser Land! Viva il nostro paese! Viva o nosso país! ¡Viva nuestro país!

… Viv Lëtzebuerg an Europa an dat an alle Sproochen, déi an dësem Land geschwat ginn.